REGISTRE AUX DELIBERATIONS DU CONSEIL COMMUNAL
**SÉANCE DU 28/11/2022**
(version internet condensée)

Date de la convocation: 22/11/2022 Date de l'annonce publique: 22/11/2022

| | |
|---|---|
| **Présents** | Gilles Roth, bourgmestre et président<br>Roger Negri et Luc Feller, échevins<br>Jean Beissel, Michèle Bernard, Sven Bindels, Ed Buchette, Tom Kerschenmeyer, Romain Rosenfeld, Adèle Schaaf-Haas, Nadine Schmid, Roland Trausch et Claudine Vervier-Wirth, conseillers<br>Nico Bontemps, secrétaire communal |
| **Excusé(s)** | / |
| **Vote public** | Luc Feller |
| **Votant par procuration** | / |

**Ordre du jour**

1. Finances communales :
   a) présentation du compte de gestion et du compte administratif de l'exercice 2021 ;
   b) présentation du budget rectifié de l'exercice 2022 et du budget initial de l'exercice 2023.
2. Office social commun à Mamer : Approbation du budget rectifié 2022 et du buget initial 2023.
3. Groupe d'Action Locale LEADER Zentrum Westen :
   a) approbation de la convention relative à la constitution du Groupe d'Action Locale LEADER Zentrum Westen ;
   b) nomination d'un délégué principal au Groupe d'Action Locale LEADER Zentrum Westen ;
   c) nomination d'un délégué suppléant au Groupe d'Action Locale LEADER Zentrum Westen.
4. Approbation :
   a) d'un acte notarié relatif à la constitution de servitude portant sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section C de Holzem, sous le numéro 1071/4334, au lieu-dit « Route de Capellen » ;
   b) de la convention concernant l'intervention temporaire de chargés de cours de l'enseignement musical dans le cadre de projets pédagogiques entre l'enseignement fondamental et l'enseignement musical communal ;
   c) d'un avenant à la convention initiale relative au Pacte Logement 2.0.
5. Subsides extraordinaires :
   a) 50,00 € à diverses associations à titre de participation financière pour l'année 2022 ;
   b) 1.250,00 € à l'a.s.b.l. Ligue HMC à titre de participation communale aux frais d'organisation du 60ème anniversaire ;
   c) 10.900,00 € à l'a.s.b.l. Mameranus à titre de participation aux frais de la réalisation d'un projet d'art initié par la crèche Huesestuff à Holzem.
6. Informations, divers et questions émanant des conseillers communaux.
7. Affaires de personnel : Prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire communal.

En application de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19, le vote par procuration est admis lors de la présente séance.

| **Point de l'ordre du jour : 1. a)** | **Finances communales : présentation du compte de gestion et du compte administratif de l'exercice 2021** | **n.c. : 293** |
|---|---|---|

Dir Dammen an Häre Schäffen a Gemengeconseilleren,

<u>Allgemeng Bemierkungen</u>

*Opgrond vum Artikel 162 aus dem Gemengegesetz presentéieren ech haut dem Gemengerot d'Ofschlosskonte vum Joer 2021.*

*Et sinn dëst d'Konte vum 21. Exercice fir deen dëse Schäfferot d'politesch Verantwortung dréit. Op Wonsch vum Gemengerot geschitt d'Virstellung vun den 2021er Ofschlosskonte virun der Presentatioun an dem Vote vum Budget rectifié fir d'Joer 2022 an dem Budget fir d'Joer 2023.*

*Am Géigesaz zu dem Budget, deen eng Aschätzung vun de geplangten Recetten an Depense duerstellt, ginn d'Konten Opschloss iwwert déi reell getätegt Einnamen an Ausgaben op den 31.12. vun dem betreffenden Exercice.*

*Och erlaabt de Kont et, dem Gemengerot déi sougenannte véridicité budgétaire anzeschätzen, d.h. festzestellen a wéi engem Mooss d'Estimatioune vun de Recetten an den Depensen am Kader vun der Opstellung vum Budget der Realitéit entsprach hunn.*

*D'Konten vum Joer 2021 goufen och schons vun den Servicer vum Inneministär kontrolléiert an dobäi goufen et keng Observatiounen oder Remarquen säitens dem Ministär. D'Konten goufen an der Sitzung vum Gemengerot vum 14/11/2022 provisoresch arrêtéiert.*

## *I)* Ofschlosskonte vum Joer 2021.

D'Eckdate vum 2021*er* Kont sinn am Tableau récapitulatif (Tableau n°1) nach eng Kéier opgefouert :

**Tableau n° 1 - Tableau récapitulatif**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes<br>Total des dépenses | 46.325.267,69<br>32.909.108,04 | 5.722.016,40<br>29.829.847,49 |
| Boni propre à l'exercice 2021<br>Mali propre à l'exercice 2021 | 13.416.159,65 | <br>24.107.831,09 |
| Boni du compte de l'exercice 2020<br>Mali du compte de l'exercice 2020 | 15.594.983,00 | |
| Boni général<br>Mali général | 29.011.142,65 | <br>24.107.831,09 |
| Transfert de l'ordinaire vers l'extraordinaire | -24.107.831,09 | +24.107.831,09 |
| Boni définitif<br>Mali définitif | 4.903.311,56 | |

Aus dësem Tableau gesi mir, datt d'Joer 2021 mat engem Boni ordinaire vun 13.416.159,65 € ofgeschloss huet. Zielt een hei de Boni vum Joer 2020 dobäi, dee sech op 15.594.983,00 € beleeft, da gesäit een, dat mer am Joer 2021 en ordinaire Boni general vu 29.011.142,65 € hunn.

### Compte ordinaire 2021

Den Total vun den uerdentlechen Einname beleeft sech am Joer 2021 op 46.325.267,69 €.
Déi uerdentlech Dépense louchen am Joer 2021 bei 32.909.108,04 €.
Ons Recetten si 2021 em 10,24 % par rapport zu 2020 geklomm.
Déi uerdentlech Ausgabe si par rapport zum Kont 2020 ëm 12,27% geklomm.

**Compte 2020 par rapport au compte 2021**

| | Compte 2020 | Compte 2021 | Variation en € | Variation en % |
|---|---|---|---|---|
| **Recettes ordinaires** | 42.021.365,79 | 46.325.267,69 | 4.303.901,90 | 10,24 % |
| **Dépenses ordinaires** | 29 312 606,16 | 32 909 108,04 | 3 596 501,88 | 12,27 % |

Bei den zwou gréisste Recette vun der Gemeng dem Fonds de dotation globale des communes (FDGC) an dem Impôt commercial communal (ICC) – der Gewerbesteier – krut d'Gemeng fir 2021:

- 31.674.781,73 € beim FDGC, an
- 4.153.336,38 € beim ICC.

Par rapport zu 2020 bedéit dëst, en Plus vun 4,05 Milliounen € beim FDGC an en Plus un bal 138.921,24 € beim ICC. Zesummen maachen dat en Plus vun 4,19 Milliounen €.

Et sierf ervirzehiewen, datt den ICC an den FDGC kombinéiert 35,82 Milliounen € ausmaachen an datt dës Recetten 77,34 % vun onsen Gesamtrecetten 2021 bedeiten .

**Tableau n°2 – Evolution du FDGC et de l'ICC 2021 par rapport au compte 2020 et au budget rectifié 2021**

| | Compte 2020 | Budget rectifié 2021 | Compte 2021 | Variation en % Compte 2021 / Compte 2020 | Variation en % Compte 2021 / Budget rectifié 2021 |
|---|---|---|---|---|---|
| **FDGC** | 27.621.743,34 | 29.940.000,00 | 31.674.781,73 | 14,67% | 5,79% |
| **ICC** | 4.014.415,14 | 4.500.000,00 | 4.153.336,38 | 3,46% | -7,70% |
| | | | | | |
| **TOTAL:** | 31.636.158,48 | 34.440.000,00 | 35.828.118,11 | 13,25% | 4,03% |

Op Grond vun den Erklärungen déi ech iech elo gi hunn, ënner anerem zu onsen 2 Haaptrecetten, an dem Tableau n°3 gesitt Dir, datt déi uerdentlech Gesamteinnamen am Kont 2021 ëm 2,05 % méi héich louche wéi am Budget rectifié 2021 ageschat.
D'Ausgabe louchen am Kont 2021 em 4,21% manner héich, wéi ursprénglech ageschat.
Den ordinaire Boni fir 2021 läit mat engem Plus vun 2.377.258,97 €, ëm 21,54 % méi héich wéi mer en am Budget rectifié 2021 virgesinn haten.

**Tableau n°3 – Budget rectifié 2021 / Compte 2021**

| | Budget rectifié 2021 | Compte 2021 | Variation en € entre compte 2021 et budget rectifié 2021 | Variation en % entre compte 2021 et budget rectifié 2021 |
|---|---|---|---|---|
| **Recettes ordinaires** | 45.394.798,25 | 46.325.267,69 | 930.469,44 | 2,05% |
| **Dépenses ordinaires** | 34.355.897,57 | 32.909.108,04 | -1.446.789,53 | -4,21% |
| **Boni ordinaire** | 11.038.900,68 | 13.416.159,65 | 2.377.258,97 | 21,54% |

De Boni ordinaire vun 13.416.159,65 € mécht 28,97 % vun onse Gesamteinnamen aus.

An dem Tableau n°4 (Annexe) sinn am Detail d'Differenze bei den uerdentlechen Einnamen an Ausgaben tëschent dem Budget rectifié an den Ofschlosskonten 2021 opgefouert.

-------------------------------------------------------------------------------------------

- D'Verwaltung (Functioun 120) an technesch Servicer (Fonctioun 130) schloe mat ronn 7,06 Milliounen zu Buch.

- Bei der Functioun 242 – der Maison Relais hate mir 1.377.905,73 € € Ausgaben an 539.616,45 € Recettes.

- Beim CGDIS – Dem Corps grand-ducal d'incendie et de secours huet Gemeng eng contribution financière vun 400.165,79 € bezuelt.

- D'Gestioun vun dem Offall, deen ons Gemeng zum groussen Deel iwwert de SICA mécht, ass an dem Kont 2021 mat 1.643.128,81 € € veruschlot. Deem stinn 1.392.879,74 Recetten déi aus den Offalltaxen an dem Verkaf vun Dreckskëschte kommen, géintiwwer. En Apport en capital un de SICA gëtt am extraordinäre Kont gefouert an ass fir 2021: 2.025.700 € .

| | Recettes ordinaires | Dépenses ordinaires | Total |
|---|---|---|---|
| **Gestion des déchets** | **1.392.879,74 €** | **1.643.128,81 €** | **- 250.249,07 € (résultat ordinaire)** |
| *Participation ordinaire SICA* | | *1.534.000,00 €* | |
| *Dépenses extraordinaires* | | *2.025.700,00 € (Apport en captial)* | |

- D'Participatioun un de Funktionnementskäschten vum SIDERO huet eis 1.729.462,61 € am Joer 2021 kascht. D'Gesamtausgabe fir d'Traitement vum Ofwaasser louch bei 1.883.667,43 €. D'Recetten vun der Klärtaxe louche bei 2.275.864,80 €.

| | Recettes ordinaires | Dépenses ordinaires | Total |
|---|---|---|---|
| **Gestion des eaux usées** | **2.275.864,80 €** | **1.883.667,43 €** | **392.197,37 € (résultat ordinaire)** |
| *Participation ordinaire SIDERO* | | 1.729.462,61 € | |
| *Dépenses extraordinaires* | | *7.331.591,16 € (dont apport en capital au SIDERO : 6.102.296,67 €)* | |

- Waasser hu mir bei der SES akaaft fir 1.068.035,03 €. Insgesamt hunn sech d'Waasserkäschten op 1.643.471,28 € belaf. De Verkaf vu Waasser an d'Locatioun vun de Waasserzieler hunn eis 1.845.899,45 € an d'Kees bruecht.

| | Recettes ordinaires | Dépenses ordinaires | Total |
|---|---|---|---|
| **Alimentation en eau** | **1.845.899,45 €** | **1.643.471,28 €** | **202.428,17 €** |
| Achat d'eau – SES | | 1.068.035,03 € | |

| | | | |
|---|---|---|---|
| *Dépenses extraordinaires* | | *383.928,87 €* | |

- D'Musekscoursen an Zesummenaarbecht mat der UGDA, hunn eis 2021 1.213.342,44 € kascht. Mir krute staatlech Subsiden fir d'Musekscoursen fir insgesamt 734.938,37 €. D'Aschreiwungen an déi verschidde Musekscoursen hunn eis 121.801,00 € bruecht.
- Bei den anere Coursen krut d'Gemeng Inscriptiounstaxe vun 18.729,80 € an eng staatlech Subventioun vu 6.810,00€. D'Chargés de Cours hunn eis 74.024,70 € kascht.

| | Recettes ordinaires | Dépenses ordinaires |
|---|---|---|
| Participation des particuliers aux frais des cours de musique | 121.801,00 € | |
| Subvention pour l'enseignement musical | 734.938,37 € | |
| Participation aux frais d'enseignement musical assuré par l'UGDA | | 1.213.342,44 € |
| Participation des particuliers aux frais de cours pour adultes | 18.729,80 € | |
| Participation de l'Etat aux frais de cours pour adultes | 6.810,00 € | |
| Cours pour adultes – indemnités pour services de tiers | | 74.024,70 € |

- D'Rubrik Enseignement huet mat insgesamt 2.679.510,29 € bei der Functioun 910 (Enseignement fondamental) an 1.005.356,74 € bei der Functioun 930 (Services annexes à l'enseignement) zu Buch geschloen. U Recetten hu mir 48.359,88 € kritt. D'Gemeng huet hei also Nettokäschte vun insgesamt 3.636.507,15 €.

| | Recettes ordinaires | Dépenses ordinaires | Total |
|---|---|---|---|
| **Enseignement - 910** | **48.359,88** | **2.679.510,29 €** | - 3.636.507,15 € |
| **Enseignement - 930** | | **1.005.356,74€** (dont 975.479,12 € pour transport scolaire) | |
| *Dépenses extraordinaires* | | *107.602,63 €* | |

**<u>Compte extraordinaire 2021</u>**

Ech kommen elo zu den aussergewéinleche Recetten an Depensen. Am Tableau gesäit een eng Géintiwwerstellung vum Ofschlosskont 2021 an dem Budget rectifié vum Exercice 2021.

| | Budget rectifié 2021 | Compte 2021 | Variation en € entre le Compte 2021 et le Budget rectifié 2021 | Variation en % entre le Compte 2021 |
|---|---|---|---|---|

| | | | | et le Budget rectifié 2021 |
|---|---|---|---|---|
| **Recettes extraordinaires** | 11.257.544,00 € | 5.722.016,40 € | -5.535.527,60 € | -49,17% |
| **Dépenses extraordinaires** | 36.308.508,67 € | 29.829.847,49 € | -6.478.661,18 € | -17,84% |
| **Résultat extraordinaire** | -25.050.964,67 € | -24.107.831,09 € | 943.133,58 € | |

Am Tableau n°5 an am Tableau n°6 (Annexe) ass eng detailléiert Opléschtung vun den Einname, respektiv den Ausgaben.

Am Joer 2021 sinn 29.829.847,49 € investéiert ginn. Dëst sinn 15,58 Mio méi wei am Kont 2020.

Den ausseruerdentlechen Ausgabe stinn ausseruerdentlech Recette vun 5.722.016,40 € entgéint. Hei ass et virun allem den Transfert de Propriété vum CISMA, deen mat 4,75 Mio € am Budget stoung, deen Differenz tëscht dem Compte 2021 an dem Budget rectifié 2021 erklärt.

Déi wichtegst Recette sinn:

| | |
|---|---|
| 3.000.000,00 € | Emprunt |
| 118.069,00 € | Indemnités compensatoires am Kader vu PAP'ën |
| 426.826,03 € | Kanaluschlosstaxen |
| 189.570,00 € | Taxes d'infrastructure fir Logementer |
| 46.092,50 € | Waasseruschlosstaxen |
| 408.934,29 € | Remboursement vun der TVA |
| 648.522,00 € | Subventioun am Kader vum Pacte Logement |
| 10.265,00 € | Verkaf vun 3 Gefierer |
| 164.193,40 € | Remboursement vum Apport en capital – SICA (suiv. Décompte) |
| 61.022,18 € | Eaux de surface |

Ze notéiere bleift, datt de Subsid vun 648.522,00 € fir de Pacte logement sech an der Rubrik "Autres logements et équipements collectifs" op der Ausgaben- a Recettensäit neutraliséiert. Well d'Gemeng dëse Subsid benotzt huet fir de Campus Kinneksbond an de Campus Capellen mat ze finanzéieren, gi se deemno an der Rubrik Enseignement op der Recettesäit definitiv verbucht.

Dëse Recette sti wéi gesot Ausgabe vun 29.829.847,49 € géigeniwwer sou datt de Mali extraordinaire vun 2021 sech op 24.107.831,09 € beleeft.

**<u>Investissementer a Grousprojeten</u>**

Den Tableau n° 6 (Annexe) lëscht am Detail fir d'Joer 2021 d'Investissementer an déi eenzel Projeten op.

Hei en Auszoch vun Ausgaben iwwert 100.000 €:

| | |
|---:|---|
| 6.102.296,67 € | Apport en capital un de SIDERO |
| 3.491.041,58 € | Bau vun enger Schwämm um Campus Kinneksbond à Mamer |
| 2.070.525,89 € | Transformatioun vum Mamer Schlass |
| 2.025.700,00 € | Apport en capital un de SICA |
| 1.709.376,19 € | Extensioun vun der Museksschoul um Kinneksbond zu Mamer |
| 1.458.157,83 € | Amenagement vun engem Stockagegebäi mat Parking nieft dem Kierfecht zu Holzem |
| 1.350.174,33 € | Remise en état vum "Wëllebau" zu Mamer |
| 1.298.026,34 € | Nei Cogénératiounsanlag |
| 1.002.021,83 € | Remise en état vum Scoutshome zu Mamer |
| 831.509,48 € | Reamengement vun der Place de la Résistance zu Holzem |
| 756.784,78 € | Ersetzen vun dem Kanalréseau an der rue Gaaschtbierg |
| 706.672,18 € | Renovatioun a Mise en conformité vun der Salle des Fêtes à Holzem |
| 581.677,28 € | Bau vun enger neier Maison Relais mat Formatiounssäll um Kinneksbond |
| 469.031,98 € | Extensioun vun der Tennishal mat Restaurant op der Cap |
| 344.692,18 € | Kaf vun Terrains oder Constructiounen ( notamment en Terrain op der Arelerstrooss zu Mamer an en Terrain zu Mamer op “Oberst Birel”) |
| 343.070,81 € | Amenagement vun der Plaatz um Eck vun der Rue du Kiem / Route d’Arlon op der Cap |
| 296.776,35 € | Reamenagement vum Parc de Loisirs op der Cap |
| 263.932,28 € | Zone 30 an der Rue du Millénaire zu Mamer an Parking an der rue des Maximins |
| 242.161,85 € | Remplacement vun de Waaserleitungen an der rue Henri Kirpach an an der rue du Commerce – Tronçon rue de la Montée an rue du Commerce |
| 213.012,98 € | Reconstructioun vun der Unterführung um PK9.384 – Deel Reseaux |
| 199.312,84 € | Ersetzen vum Eclairage public op LED |
| 198.490,86 € | Erneieren vum Kanal an der rue des Thermes Romains |
| 194.243,39 € | Demolition vum Haus 20, rue du Marché an Extensioun vum Parking Schungeschten |
| 193.147,73 € | Remise en état vun der Fassad vun der Kierch zu Mamer |

| | |
|---|---|
| 190.971,85 € | Ausgaben am Kader vum Pacte Climat |
| 149.740,15 € | Amenagement vun engem Foussgänger- a Vëloswee tëscht dem Quartier op Edemer an dem Parc Brill |
| 146.747,29 € | Remise en état vum Kirfecht zu Mamer |
| 144.864,25 € | Remise en état vum Kirfecht op der Cap |
| 140.501,24 € | Refectioun vun den Trottoirs tëscht den Häiser 75-119 route d'Arlon op der Cap |
| 137.391,26 € | Remise en état vun Spillgeräter op den Spillplazen um Kinneksbond |
| 132.271,41 € | Transformatioun a Vergréisserung vun der Morgue op de Cap |
| 125.026,55 € | Etude iwwert Kapazitéit vun den Waasserspäicheren um Site "Mimmelsratt" zu Mamer |

**Ofschléissend Bemierkungen**

1) D'Presentatioun vun den 2021er Konte baséiert sech gréisstendeels op deene vun de viregten Exercicen. D'Diskussioun iwwerloossen ech deenen eenzelne Fraktiounen am Gemengerot.

2) Ech wëll ofschléissend vun dëser Plaz dem Personal aus dem Gemengesekretariat an dem Finanzservice Merci soe fir hier Aarbecht bei der Opstellung an der Presentatioun vun den 2021er Konten. Dem Personal aus der Recette soen ech Merci fir hier exakt a gewëssenhaft Buchféierung.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

| Point de l'ordre du jour : 1. b) | Finances communales : présentation du budget rectifié de l'exercice 2022 et du budget initial de l'exercice 2023 | n.c. : 294 |
|---|---|---|

Dir Häre Schäffen,
Dir Dammen an Dir Häre Gemengeconseilleren,

Ech hunn d'Éier fir d'24. Kéier hannerteneen Iech de Budget vun der Gemeng Mamer däerfe virzestellen.

Et ass de Budget vun engem Waljoer. Et ass awer kee Walbudget.

Au contraire. Et ass ee Budget deen éischter schounungslos déi finanziell Realitéit vun der Gemeng Mamer soll erëmspigelen.

Mat hire positiven a mat de manner positiven Aspekter.

D'finanziell Situatioun vun der Gemeng Mamer ass gutt. De Budget 2023 weist awer och déi finanziell Limitte vun der bal 11.000 Awunner staarker Gemeng op.

Mir hunn niddereg Funktionnementskäschten. Mir hunn awer och héich – jo, ganz héich Investissementsausgaben.

Dëse Budget passt sech op kommunalem Plang der Realitéit vum Moment un.

Eist Land geet duerch eng schwiereg Phase. Eng geopolitesch Onsécherheet: de Krich an der Ukrain; budgetär Limitten, Präisser déi explodéieren. Em eng néideg sozial Kohesioun beméit – si ass méi fragille wéi an der Vergaangenheet. Zumindest gëtt se vun de Leit esou empfonnt.

Nohaltegkeet – klimatesch, sozial a budgetär gëtt gefrot: all dat kritt een awer net zum Nulltarif.

All dat ass versicht gi – oder fir et méi bescheiden nach auszedrécke – sech beméit ginn – an de kommunale Budget vun der Gemeng anzeschreiwen.
Deemno keng Austeritéit! Héich Investissementer – Jo, zu modernen an nohaltegen Infrastrukturen am Interessi vum Mënsch, Ëmwelt a Klima.
Jo, zu enger flotter Wunngemeng.
Jo, zu engem gudde Sozialnetz.
Jo, zu enger performanter Verwaltung.
Jo, zu engem animéierte gesellschaftleche Liewen, wou Sport, Kultur a Fräizäit grouss geschriwwe ginn.
Jo, zu enger liewenswäerter an zukunftsorientéierter Gemeng wou Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger einfach gäre liewen.

Dofir brauch et eng Visioun. Dofir brauch et politesche Courage. Finanziell Wäitsiicht. Villäicht eng Grëtz Verrécktheet. Mat Kurs no vir.

An dofir och dëse Budget 2023.

Rekordinvestissementer vu geschate 60 Mio €. Finanzéiert zu 2/3 iwwert Emprunt an Héicht vu 40 Mio €.
Budgetär néideg. Eng zolidd Finanzkapazitéit fir de Remboursement. Een Emprunt justifizéiert mat der Nohaltegkeet – eng Kläranlag déi d'Gemeng am Bau geschate ronn 40 Mio €, inklusiv 4. Klärstuf, op déi nächste Jore wäert kaschten.

Eng néideg Infrastruktur. Am ëffentlechen Interessi. An do den Ënnerscheed mam Privatbetrib.

Jo, d'Gemeng huet aner Aufgaben ewéi de renge Gewënn. Si ass wuel ee wirtschaftlechen Acteur, mais ass och dem Sozialen an dem Allgemengwuel verflicht.

Dofir verzicht de Schäfferot fir 2023 op Taxerhéijungen och wann se dem Käschtendeckungsprinzip no néideg wieren. Mais bei héijer Inflatioun, Kafkraaftverloscht, wëlle mir d'Bierger net zousätzlech belaaschten.

Den uerdentlechen Iwwerschoss kéint ouni Weideres ëm 2 Mio € an d'Luucht gesat ginn. Dorops gëtt verzicht.

Mëttel- a laangfristeg si 40 Mio € zousätzlech Schold fir d'Gemeng Mamer problemlos ze stemmen.

Eng Investitioun ewéi eng Kläranlag – déi ronn 50 Joer hält, soll och op zwou Generatiounen ofgewälzt kënne ginn. Déi reschtlech Schold soll hëllefen de Bau vun der Museksschoul, der Maison Relais an der Piscine um Kinneksbond zu Mamer, de Festsäll, der Place de la Résistance an d'Veräinshaus zu Holzem, grad ewéi der Kierch an der Morgue op der Cap kennen ze finanzéieren.
Des weidere soll se och hëllefen d'Sozialwunnengen, déi Gemeng mat der SNHBM zu Mamer baut, d'Photovoltaikanlagen, eng Pelletscogeneratiounsanlag, d'Kanalaarbeschten an der Cité Mameranus a vill aner Projeten ze finanzéieren.

Zäitlech verréckelt gëtt dogéint den Ausbau vun der Tennishal op der Cap, de Bau vun engem neie Verwaltungsgebai am Zentrum vu Mamer, grad ewéi den Ausbau vum Pavillon am Brill.

Et ass deemno keen geschéinten Budget deen ech am Numm vum Schäfferot presentéieren.
Mais ee Budget vun der Realitéit, ee Budget vu politeschem Courage.

## De Budget a seng Zuelen

Dir Dammen an Hären,

Wei bei de viregte Presentatioune géing ech als éischt op d'Awunnerzuel agoen. Op den 1. Januar 2022 hate mir 10467 Awunner. Bis Enn 2022 schätze mir d'Awunnerzuel op 10.785. Enn 2023 wäert d'Gemeng Mamer iwwer 11.000 Awunner hunn. Mir rechnen deemno mat engem Wuesstum vun 3,04 % fir 2022 a vun 3,38 % fir 2023. Den Ament si 50,74 Prozent vun onse Matbierger Net-Lëtzebuerger.




Tëschent 2014 an 2021 ass d'Awunnerzuel am Duerchschnëtt ëm ronn 2,84 % geklommen. Den héchste Wuesstum hat d'Gemeng Mamer 2017 mat 3,97 %. Domadder leie mir, nach wie vor, iwwert dem nationalen Duerchschnëtt. Duerch ons bestoend, mais awer och onse geplangten Infrastrukture kréie mir dëse Bevëlkerungswuesstem gestämmt. Ech komme beim Budget extraordinaire dorobber z'réck.

De Gemengerot huet den 08/11/2021 d'Konventioun vum Pacte Logement 2.0 approuvéiert. Déi staatlech Zouwennung ass mam neien Pacte Logement zolidd erofgaangen. Duerch d'Ënnerschreiwe vun der initialer Konventioun kritt Mamer Gemeng 255.375 €, wat 25 € pro Awunner op den 01/01/2021 entsprécht.

Eng weider Recette, déi un d'Bevëlkerungszuel gekoppelt ass, ass de Fonds de dotation globale des communes, den FDGC. Dëst ass och déi gréisste sougenannte Recette non-affectée, déi d'Mamer Gemeng bezitt. Duerch d'Gesetz vum 14. Dezember 2016 geschafen, setzt dës Recette sech zesummen aus enger forfaitairer Dotatioun vum Staat an der TVA (10%), der Akommessteier (18%) vun de Privatpersounen, der Autossteier (20%) an der Gewerbesteier (65% vun der Gesamt ICC-Recette), déi de Staat fir dat betreffend Joer bezitt. Bei der Verdeelung un d'Gemenge vum Solde, gi verschidde Critèren applizéiert. 82 % vum FDGC gi verdeelt op Basis vun der ajustéierter Populatioun.




Laut der Budgetscirculaire n°4188 vum 28. Oktober 2022 si Prévisioune beim FDGC bei +3,3 % fir 2022 par Rapport zum Kont 2021 an fir 2023 bei +9,3% par Rapport zum Kont 2021.

Beim FDGC huet de Schäfferot decidéiert, wéi och fir déi läscht Budgetsexercicer, dem Bevëlkerungszouwuess vun der Mamer Gemeng bei der Berechnung vum FDGC Rechnung ze droen. Am Kont 2021 hate mir wei gesot dee selwechte Prinzip applizéiert an do krut Gemeng 31,6 Mio € bei enger Aschätzung vun 29,9 Mio €. Mat engem Budgetskredit vun 32.864.000 € fir 2022 a vu 35.013.000 € fir 2023 mécht den FDGC 67,1 % vun onsen ordinäre Recetten aus.

Ech komme bei d'Gewerbesteier. Am Budget setze mir als Recette just nach d'Participation directe an. Dës Participation directe ass plafonéiert op de méi niddregste Betrag tëscht 35 % vum ICC, deen um Territoire agezu ka ginn a 35 % vum nationalen Duerchschnëtt pro Awunner. De Surplus fléisst an den Fonds de dotation globale des communes a gëtt uschléissend un all Gemenge verdeelt.
An der Budgetscirculaire geet de Staat bei der Gewerbesteier, dem Impôt commercial communal (ICC), vu -8,1% Recettë fir 2022 par Rapport zum Kont 2021 aus. Fir 2023 gëtt d'Recette op -9,9% par Rapport zum Kont 2021 ageschat. 2022 hate mir am Budget initial mat 4.500.000 € gerechent. Mir hunn dës Schätzung no ënnen ugepasst mam Resultat, datt elo fir 2022, 4.135.500 € a fir 2023, 4.054.500 € Recetten am Budget stinn. Soumadder mécht den ICC fir 2023 7,8% vun onsen ordinäre Recetten aus.

| | **Compte 2019** | **Compte 2020** | **Compte 2021** | **Budget rectifié 2022** | **Budget initial 2023** |
|---|---|---|---|---|---|
| ICC | 5.113.591,03 | 4.014.415,14 | 4.153.336,38 | **4.135.500,00** | **4.054.500,00** |
| FDGC | 29.383.722,63 | 27.621.743,34 | 31.674.781,73 | **32.864.000,00** | **35.013.000,00** |
| Total | 34.497.313,66 | 31.363.158,48 | 35.828.118,11 | **36.999.500,00** | **39.067.500,00** |

## Investitiounen a Finanzéierung

Wéi schonns bei de viregte Budgetspresentatiounen ënnerstrach, hëlt dëse Schäfferot seng Missioun am Déngscht vun de Bierger ganz eescht. D'Gemeng Mamer investéiert vill an d'Infrastruktur fir datt déi jëtzeg Biergerinnen a Bierger wéi och déi zukünfteg vun adequaten an zäitgeméissen Infrastrukture profitéiere kënnen. Dat kënne mir

awer nëmme realiséieren, wa mir den Appui vum Gemengerot an der Ëmsetzung vun den Invester hunn, déi an dësem Budget geplangt sinn. Eleng an de Budgeten 2022 an 2023 stinn Invester an Gesamthéicht vun 117,2 Mio €. Dës Invester mussen natierlech och finanzéiert ginn. Dëst zum engem mam ordinären Iwwerschoss, dee fir 2022 bei 10,9 Mio € a fir 2023 bei 10,2 Mio € läit, mat staatleche Subsiden an zu gudder Läscht mat Emprunten. Éier ech am Detail op d'Emprunten aginn, géif ech de Gemengerot a Kenntnis setzen iwwert d'Projeten, déi d'Gemeng mam Gemengesyndikat SIDERO huet.

De Gemengerot krut am Mee 2021 de Projet vun der Kläranlag presentéiert. Dës Kläranlag ass ausgeluecht op eng Gesamt "Charge polluante" vu 50.000 Einwohnergleichwerter (EHm). Bei engem Stot gëtt en Wäert geholl vun 2,5 EHm, bei Gewerbe- an Agrarbetrieber, Schoulen oder Restauratioun ginn aner predefinéiert Valeure geholl. Gemeng Mamer huet vun der gesamter Anlag "EHm réservés" vu 45.000 EHm. Déi reschtlech 5.000 EHm si verdeelt op d'Gemenge Garnech mat 3.450 EHm, Kielen mat 1.500 EHm a Bartreng mat 50 EHm. D'Gesamtkäschte vun der Anlag belafen sech 53,2 Mio €, wouvunner d'Mamer Gemeng 34,05 Mio € iwwerhëlt. Mat der 4. Klärstuf klëmmt den Invest op ronn 40 Mio €.

Am Budget fir 2023 wäert dir feststellen, datt en Betrag vu 96.900 € am Extraordinaire agedroen ass. No enger Analyse, déi mir gefouert hunn, hu mir festgestallt, datt mir ronn 10,7 Mio € virfinanzéiert hunn. Dat heescht d'Gemeng Mamer huet 10,7 Mio € méi dem SIDERO iwwerwisen, wéi déi Zomm, déi de SIDERO reell investéiert huet fir Kläranlag. Och wann dëst enger gängeger Praxis beim Syndikat entsprécht, wore mir als Schäfferot net averstanen an den Här Negri huet als Delegéierten am SIDERO erreecht, datt mir fir 2023 elo mol fir Kläranlag näischt iwwerweisen. Vu datt de SIDERO nach aner Projete fir d'Gemeng lafen huet, wei z.B. de Bau vu sougenannte Regenüberlaufbecken (RÜB), hu mir déi Zomm vun 96.900 €, no Récksprooch mam SIDERO, agesat. En zweete Punkt deen ech awer direkt an deem Kontext well ervirhiewen, an dowéinst hunn ech Iech den Detail vun den Einwohnergleichwerten ginn, ass déi ordinär Participatioun un de Fonctionnementskäschten vum SIDERO. Mir woren als Schäfferot staark iwwerrascht ginn, wou mir ons Participatioun fir 2023 matgedeelt kruten.

Mir woren absolut net averstanen, datt ons Participatioun vun 1,72 Mio € am Kont 2021, op 2.07 Mio € am Rectifié 2022 an op 3,56 Mio € soll klammen. Vun 2022 op 2023 bedeit dëst eng strukturell Hausse vu ronn 1,5 Mio €. Mir haten dowéinst eng urgent Entrevue den 21/11/2022 mam SIDERO. Mir wäerten net akzeptéieren, datt Gemeng Mamer soll Käschten iwwerhuelen op Basis vun engem Schlëssel deen, de facto, net der Realitéit entsprécht. Ech erklären: De SIDERO verrechent verschidde Participatioune op Basis vun den EHm réservés. Dat sinn déi 45.000 EHm, déi ech virdrun erkläert hat – also déi maximal Auslaaschtung vun der Anlag. Laut der Opstellung vum SIDERO, déi och beim Budget vum SIDERO bäiloung, géingen déi reell Wäerter awer bei 16.455 EHm leien. Dëst bedeit, datt Gemeng Mamer amplaz vun 14,59 % dann 20,71 % vun den Frais fixes am ordinäre Budget SIDERO soll iwwerhuelen.

Ech ginn nach méi wäit: De Fakt, datt mir op eng Valeur vun EHm, déi mir Stand Haut bei wäitem net hunn a vläicht souguer déi nächst Joren net wäerten erreechen, solle Käschten iwwerhuelen, huet als Konsequenz, datt bei engem groussen Deel vun deenen aneren Membergemengen am SIDERO hier Participatioun net nëmmen erofgeet, mais souguer datt hier reel EHm méi héich sinn, wéi dat wat se verrechent kréie mat den EHm réservés. Dëst entsprécht definitiv net dem Prinzip vum Pollueur-Payeur.

Mir hunn mam Direkter vum SIDERO an enger positiver a konstruktiver Entrevue ausgemaat, datt si dem Ministère de l'Intérieur en Courrier solle virum Arrêt vun hirem Budget schécken, wou se vermierken, datt mir als Gemeng de Montant erofsetzen an datt de Schlëssel vun der Repartitioun soll iwwerschafft ginn, fir datt an Zukunft d'Gemengen sech op hier reell EHm hin, sollen um Syndikat bedeelegen. Dëse Prinzip gëtt och an anere Kläranlagsyndikater sou applizéiert. De Montant am ordinären Budget ass soumadder op 2,36 Mio € ugepasst ginn. De Bureau vum SIDERO huet de 25/11/2022 matgedeelt, datt de Courrier un d'Inneministesch fortgeschéckt gëtt.

Nom Käschtendeckungsprinzip muss d'Gemeng d'Ofwaasserkäschten den Abnehmer verrechnen. Dëst bedeit, datt wann d'Käschten bei den Dépenses eropginn, d'Gemeng gezwongen ass, hier Taxen no uewen unzepassen.

Ech well awer och vermierken, datt den Fait, datt Gemeng Mamer eng nei Kläranlag an där Gréisst geplangt a baut als Resultat huet, datt mir als Gemeng ons kennen um Logementsplang developpéieren. De Schäfferot ass sech der Wichtegkeet vun enger performanter a funktiounsfäeger Kläranlag bewosst an datt dësen Invest, en

Invest fir de Wuel vu Generatiounen ass. Eng Kläranlag baut ee fir 50 Joer, déi al Kläranlag ass an de 1970er Joer gebaut ginn an wor deemno zwou Generatiounen a Betrib. 1995 gouf en Ausbau a Betrib geholl. Dowéinst ass et och richteg, dass se generatiounsiwwergräifend soll finanzéiert ginn, dat heescht iwwer en Emprunt, dëst och wann en Emprunt net Projetsbedéngt an der Gemengencomptabilitéit ze betruechten ass.

Nohalteg an zukunftsorientéiert Politik wëlle mir weiderhi gestalten an dowéinst investéiere mir eben och an de Waasser- an Ofwaasserreseau sou wéi an d'Entsuerge vum Offall. Den Apport en capital un de SICA fir d'Moderniséierung vun den Infrastrukture steet fir 2022 mat 1,56 Mio € a fir 2023 mat 0,51 Mio € am Budget.

Fir de Projet vun der neier Cogeneratiounsanlag hu mir 3,5 Mio € fir 2022 a 6 Mio € fir 2023 agesat.

Fir Mesuren am Kader vum Klimapakt a vum Naturpakt huet de Schäfferot am Ganze 450.000 € virgesinn.
De Schäfferot plangt nieft den Aktiounen am Kader vum Klimapakt och u weidere Borne fir kënnen Elektro- oder Hybridautoen opzelueden, sou wéi um Ausbau vum vel'OH! Reseau mat engem Budgetskredit vun 1,05 Mio €. Donieft gëtt de "Flex car-sharing"-System weider promouvéiert.
Ons Bierger gi weiderhinn ënnerstëtzt, wa si bei sech Doheem nohalteg Investioune plangen, dëst iwwert de Wee vun onse besteeënde Subside fir d'energetesch Sanéierung vum Haus.
De 07/03/2022 huet de Gemengerot en iwwerschafftent Reglement ugeholl wou d'Installatioun vun enger Luedborn fir en E- oder Hybridauto mat engem maximal Betrag vu 600 € subventionéiert gëtt. De Kaf vun engem Elektroauto gëtt mat 10 % vun der Primm vum Staat subventionéiert mat engem Plaffong vu 600 € an de Kaf vun engem Vëlo oder E-Bike ka mat Maximum 300 € subventionéiert ginn.
D'Abonnement "longue durée" beim vel'OH! ginn integral vun der Gemeng rembourséiert.

Fir dem Bierger en Duerchbléck ze verschafen a Punkto Subventiounen, déi ee bei der Gemeng kann ufroen, kann een um Internetsite vun der Gemeng eng Brochür eroflueden, wou all ons Subsiden dran erkläert sinn.

D'Mamer Gemeng ka fir d'Finanzéierung an dësen Zäite weiderhin op en zolitten uerdentleche Boni zielen. Zanter 2018 läit den uerdentleche Boni am Duerchschnëtt bei 11,94 Mio €.

Wéi virdrun erklärt fonctionéiert d'Finanzéierung vun den Depensen nom Prinzip, datt wann e Boni méi kleng ausfält, dëst bedeit, datt d'Gemeng entweder muss nei Recette schafen, duerch d'Aféiere vu neien Taxen oder um Marché en Emprunt bezéie fir kënnen den Infrastrukturprogramm, d.h. de Budget extraordinaire, ze finanzéieren. Déi aktuell Zënsentwécklung op de Marchéen ass säit Ufank dës Joers ugespaant. Fir 2021 huet Gemeng Mamer nach en Emprunt vun 3 Mio € à taux fixe bezunn, wou den Zënstaux 0,50% ass, beim Emprunt vun 20,7 Mio € dee mir 2022 gezunn hunn, läit den fixen Zënstaux bei 1,45 %.

Dir Dammen an Hären,

D'Gemeng Mamer bezilt fir 2022 ronn 3,88 Mio € un Annuitéite fir Emprunten (Kapital plus Zënsen) zréck. Fir 2023 ass am Budget extraordinaire en Emprunt vu 40.000.000 € virgesinn. Dësen Emprunt brauche mir fir kënnen déi sëllege Projeten ze finanzéieren, déi mir an Eegeregie oder awer och iwwert e Gemengesyndikat ausféieren.
Op den 31/12/2022 bezéie mir, op Grond vun der Zënsevolutioun, keng Negativzënse méi - also Sue vun de Banke fir dat Geld, wat mir geléint hunn. Opgrond vun der Circulaire n°3913 vum Inneministère ginn déi negativ Zënsen als Recette verbucht um Artikel 2/180/755240/99001. Dowéinst stinn am Budget ënnert deem Artikel 14.656 € Recetten, déi mir am Ufank vum Joer nach kruten.
Op den 31/12/2022 hätt d'Gemeng Emprunte bei de Banke vu 44,8 Mio €. Mam neien Emprunt géif de Montant op 79,97 Mio € Ënn 2023 klammen. De Remboursement schléit viraussiichtlech fir 2023 mat ronn 6,2 Mio € zu Buch.




Wann d'Zënslaascht fir déi Zomme bei der Budgetspresentatioun vum Budget 2022 nach bei 0,06 % am Duerchschnëtt louch, bedréit dës aktuell 0,83 %.
D'Scholdelaascht bedréit fir 2022 ronn 8,03 % vun eisen uerdentleche Gemengerecetten. Fir 2023 wäert se duerch den neien Emprunt op 12,10 % eropgoen, ouni awer déi virgeschriwwe Seuils d'alerte ze iwwerschreiden. Bei der Scholdelaascht gëtt och d'Cautionnement berécksiichtegt, deen d'Gemeng dem TC Cap on Line fir 100.000 € garantéiert huet.

Och mam neien Emprunt leie mir wei schonns gesot ënnert dem virgeschriwwene Seuil vun 20%. Mir rechnen, datt de Remboursement vum neien Emprunt fir 2023 bei 1,95 Mio € läit. Wann ech elo als Contrepartie de Montant huelen, dee mir pro Awunner iwwert ICC a FDGC bezeien, deen tëscht 3400 an 3500 € läit, mat onsem Bevëlkerungswuesstem multiplizéieren, kommen ech eleng hei op eng zousätzlech Recette vun ongeféier 1,2 Mio €.

*Als Rappell: an enger Circulaire vum 22/05/1992 fixéiert den Inneministère e Seuil d'alerte, dee seet, datt de Remboursement vun der finanzieller Charge vun den Emprunte par rapport zu den uerdentleche Recetten 20% net iwwerschreide sollt.*

Tableau récapitulatif – Budget rectifié 2022

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 49 499 506,73 € | 35 895 813,85 € |
| Total des dépenses | 38 563 442,47 € | 56 591 529,22 € |
| Boni propre à l'exercice | 10 936 064,26 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 20 695 715,37 € |
| Boni du compte 2021 | 4 903 311,56 € | |
| Mali du compte 2021 | | |
| Boni général | 15 839 375,82 € | |
| Mali général | | 20 695 715,37 € |
| **TRANSFERT** | - | + |
| de l'ordinaire à l'extraordinaire | 15 839 375,82 € | 15 839 375,82 € |
| Boni présumé à la fin 2022 | | |
| Mali présumé à la fin 2022 | | 4 856 339,55 € |

Tableau récapitulatif – Budget initial 2023

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 52 142 690,00 € | 56 283 725,00 € |
| Total des dépenses | 41 859 819,10 € | 60 611 292,70 € |
| Boni propre à l'exercice | 10 282 870,90 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 4 327 567,70 € |
| Boni présumé à la fin 2022 | - € | |
| Mali présumé à la fin 2022 | | 4 856 339,55 € |
| Boni général | 10 282 870,90 € | |
| Mali général | | 9 183 907,25 € |
| **TRANSFERT** | - | + |
| de l'ordinaire à l'extraordinaire | 9 183 907,25 € | 9 183 907,25 € |
| Boni définitif | 1 098 963,65 € | |
| Mali définitif | | - € |

2021 hat Gemeng Mamer e Gesamtbenefice am Kont vu 4.903.311,56 €. De Boni ordinaire vun 2021 wor 13,41 Mio €. Fir 2022 gëtt de Boni ordinaire op 10,93 Mio € a fir Enn 2023 op 10,28 Mio € geschat.

Dëst bedeit, datt ronn 19,72 % vun eisen uerdentleche Recette vun 2023 Boni sinn oder anescht ausgedréckt - vun all 100 € déi d'Gemeng era kritt, kënne bal 20 € a Projeten investéiert ginn.

## Personal vun der Gemeng

Et ass gewosst, datt nieft de finanzielle Moyene d'Gemeng och Personal brauch, fir kënnen d'Decisioune vum Schäffen- a Gemengerot ëmzesetzen.

Op den 31/12/2022 sinn 115 Persoune bei der Gemeng ugestallt, 45 Salariés à tâche manuelle, 35 Fonctionnairen, 16 Gemengenemployéen an 19 Salariés à tâche intellectuelle, déi haaptsächlech am Schoultransport an an der Maison Relais affektéiert sinn.

Fir 2023 soll 1 Beamte fir am Service financier dobäi kommen. Nei virgesi sinn donieft och nach 3 Gemengenemployéen, 1 fir de Service de l'égalité des chances, 1 fir am Service technique an 1 Schwammmeeschter. Ons Régie communale gëtt mat 5 Poste fir 2023 verstäerkt.

Op den 31/12/2023 rechne mir domadder, datt 127 Agenten op der Gemeng schaffen, déi zesummen 111,31 ETP ausmaachen. De Ratio vun 1 ETP op 100 Awunner bleift och fir 2023 bestoen.

D'Personalkäschte maachen deemno 2023 en Total vun 10,41 Mio € aus. A Prozenter bedeit dëst 24,88 % vun den Dépenses ordinaires an 19,98% vun de Recettes ordinaires fir 2023. Dës Tauxe sinn zimmlech um selwechten Niveau bliwwe wéi 2022.




Frais de personnel
4 500 000,00 €
4 000 000,00 €
3 500 000,00 €
3 000 000,00 €
2 500 000,00 €
2 000 000,00 €
1 500 000,00 €
1 000 000,00 €
500 000,00 €
- €
2 880 000,00 €
2 064 000,00 €
270 000,00 €
136 000,00 €
153 500,00 €
4 200 000,00 €
380 000,00 €
131 500,00 €
151 600,00 €
15 000,00 €
34 300,00 €
Coordination administrative
Coordination technique
Services d'ordre
Egalité des chances
Enseignement
Salariés à tâche manuelle
Salariés à tâche intellectuelle
Piscine
Etudiants
Emploi de jeunes chômeurs
Autres frais de personnel

| | Compte 2016 | Compte 2017 | Compte 2018 | Compte 2019 | Compte 2020 | Compte 2021 | Budget recifié 2022 | Budget initial 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Coordination administrative | 1 574 069,60 € | 1 667 508,73 € | 1 932 945,23 € | 2 145 020,63 € | 2 533 133,93 € | 2 463 084,99 € | 2 709 348,00 € | 2 880 000,00 € |
| Coordination technique | 669 710,99 € | 731 873,03 € | 845 352,54 € | 1 135 362,25 € | 1 248 158,33 € | 1 534 219,67 € | 1 911 815,00 € | 2 064 000,00 € |
| Services d'ordre | 86 375,82 € | 181 141,90 € | 195 447,37 € | 206 931,14 € | 180 814,28 € | 185 603,23 € | 251 436,00 € | 270 000,00 € |
| Egalité des chances | - € | - € | - € | - € | - € | 98 424,87 € | 102 591,00 € | 136 000,00 € |
| Enseignement | 38 271,75 € | 447,45 € | 38 895,87 € | 56 392,37 € | 73 082,96 € | 226 805,84 € | 227 783,00 € | 153 500,00 € |
| Salariés à tâche manuelle | 2 921 688,57 € | 3 236 813,43 € | 3 442 695,70 € | 3 535 445,61 € | 3 550 841,93 € | 3 807 329,10 € | 3 875 000,00 € | 4 200 000,00 € |
| Salariés à tâche intellectuelle | 478 057,75 € | 454 997,79 € | 374 512,65 € | 335 512,84 € | 324 216,24 € | 344 676,43 € | 373 000,00 € | 380 000,00 € |
| Piscine | | | | | | - € | 34 000,00 € | 131 500,00 € |
| Etudiants | 123 294,49 € | 145 416,17 € | 158 464,05 € | 145 320,51 € | 7 285,21 € | 131 002,59 € | 151 600,00 € | 151 600,00 € |
| Emploi de jeunes chômeurs | - € | - € | - € | - € | - € | - € | 15 000,00 € | 15 000,00 € |
| Autres frais de personnel | 12 671,20 € | 9 528,22 € | 11 785,65 € | 20 323,16 € | 29 895,75 € | 30 680,55 € | 26 000,00 € | 34 300,00 € |
| | | | | | | | | |
| | 5 904 140,17 € | 6 427 726,72 € | 7 000 099,06 € | 7 580 308,51 € | 7 947 428,63 € | 8 821 827,27 € | 9 677 573,00 € | 10 415 900,00 € |
| ETP | 73,12 | 76,74 | 84,70 | 86,04 | 89,48 | 96,26 | 97,61 | 111,31 |
| Variation en € | | 523 586,55 € | 572 372,34 € | 580 209,45 € | 367 120,12 € | 874 398,64 € | 855 745,73 € | 738 327,00 € |
| Ratio frais de personnel par rapport aux dépenses ordinaires | 24,07% | 25,05% | 25,86% | 27,11% | 27,11% | 26,81% | 25,10% | 24,88% |
| Ratio frais de personnel par rapport aux recettes ordinaires | | | | | | | 19,55% | 19,98% |
| Frais / ETP | 80 745,90 € | 83 759,80 € | 82 645,80 € | 88 102,14 € | 88 817,93 € | 91 645,83 € | 99 145,30 € | 93 575,60 € |

## Budget rectifié 2022

Éier mir zur méi detailléierter Virstellung vum Budget initial fir d'Joer 2023 kommen, muss ech dem Gemengerot opgrond vum Artikel 129 aus dem Gemengegesetz Opschloss iwwert de Budget rectifié vum lafende Geschäftsjoer 2022 ginn. De Budget rectifié 2022 muss deemno och virun dem Budget initial 2023 gestëmmt ginn.

Mir hu fir 2022 ee Budget rectifié, deen am Resultat final, en Mali ausweist. Dëst ass dorobber z'réck ze féieren, datt mir fir 2022 méi Dépenses am Budget extraordinaire hunn. Dozou kënnt de Report vun de Kreditter an Héicht vun 6,48 Mio €. Dëst sinn Kreditter, déi 2021 net verbraucht goufen op de Projets, déi sech op mei Budgetsjore strecken. Trotz dem Mali définitif weist den Budget rectifié en uerdentleche Boni vun 10,93 Mio € aus.

Op den 2 nofolgenden Tableaue gesitt Dir d'Evolutioun vun den Depensen a Recetten, souwuel am Budget ordinaire wéi am Budget extraordinaire, zënter 2015 bis 2023.






***Variations entre le budget initial 2022 et le budget rectifié 2022***

| Budget ordinaire | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | **Initial 2022** | **Rectifié 2022** | **Variation en €** | **Variation en %** |
| Recettes | 47 919 970,00 € | 49 499 506,73 € | 1 579 536,73 € | 3,30% |
| Dépenses | 36 967 101,85 € | 38 563 442,47 € | 1 596 340,62 € | 4,32% |
| Résultat | 10 952 868,15 € | 10 936 064,26 € | - 16 803,89 € | -0,15% |
| | | | | |
| **Budget extraordinaire** | | | | |
| | **Initial 2022** | **Rectifié 2022** | **Variation en €** | **Variation en %** |
| Recettes | 37 154 665,00 € | 35 895 813,85 € | - 1 258 851,15 € | -3,39% |
| Dépenses | 49 542 789,03 € | 56 591 529,22 € | 7 048 740,19 € | 14,23% |
| Résultat | - 12 388 124,03 € | - 20 695 715,37 € | - 8 307 591,34 € | -67,06% |
| | | | | |
| **Budget global** | | | | |
| | **Initial 2022** | **Rectifié 2022** | **Variation en €** | **Variation en %** |
| Recettes | 85 074 635,00 € | 85 395 320,58 € | 320 685,58 € | 0,38% |
| Dépenses | 86 509 890,88 € | 95 154 971,69 € | 8 645 080,81 € | 9,99% |
| Résultat | - 1 435 255,88 € | - 9 759 651,11 € | - 8 324 395,23 € | -579,99% |

Ons Recettes ordinaires an extraordinaires ginn zesummen ëm 0,38 % erop. D'Depensë klammen ëm 9,99 %. Dëst ass och zum Deel doduerch bedéngt, datt éischtens am Budget extraordinaire verschidde Projete méi schnell viru kommen, wéi am Budget initial geplangt. Zweetens d'Reports de crédits vun 2021 op 2022 reportéiert goufen an drëttens eng gewëssen allgemeng Präisdeierecht 2022 agetrueden ass.

Am Budget rectifié 2022 hu mir uerdentlech Recettë vu ronn 49,49 Mio €. Dës leien ëm 3,3 % méi héich wéi bei der Opstellung vum Budget 2022 ageschat. Eng vun den Ursaachen ass eng méi héich Recette bei der Dotation communale vum Staat (+1,11 Mio €), mais och d'Recetten, déi mir duerch ons Surtaxe communale op den Droits d'enregistrement bezéien. Dir wësst, dëst sinn déi Recetten, déi Gemeng bei enger Mutation immobilière kritt, déi net fir Wunnzwecker genotzt gëtt. D'Surtaxe ass wéi bei der Stadt Lëtzebuerg, déi iwweregens nierft der Gemeng Mamer dei eenzeg aner Gemeng ass, déi sou eng Surtaxe huet, op 50 % vum Droit d'enregistrement fixéiert. Dës Recette ass mat 1,55 Mio € am Budget rectifié agesat. Dir stellt fest, d'Surtaxe dréit hier Friichten um Niveau vum Budget.

Déi uerdentlech Depensë belafen sech op 38,56 Mio €. Si leie ronn 4,32 %, respektiv 1,59 Mio € méi héich wéi am Budget initial 2022 ageschat.

**Bei den ausseruerdentleche Recettë** leie mir mat 35,89 Mio € ëm 3,39 % manner héich wéi ursprénglech ageschat. Do wieren als Recetten ze ernimmen:

| | |
|---|---|
| Emprunts auprès des établissements de crédit | 20 700 000,00 |
| Préfinancement de la cession du bâtiment « Centre d'Incendie et de Secours de Mamer » | 4 500 000,00 |
| Subside - Constructions d'un immeuble au coin rue du Millénaire/rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire) | 3 000 000,00 |
| Subside - Construction d'une Maison Relais au Campus Kinneksbond | 1 134 250,00 |
| Subside - Construction d'une piscine au Campus Kinneksbond à Mamer | 1 000 000,00 |
| PAP - Indemnités compensatoires à payer par le lotisseur en application de l'article 34 de la loi modifiée du 19/07/2004 | 850 000,00 |

| | |
|---|---|
| Subside - Réaménagement de la centrale de cogénération à Mamer | 850 000,00 |
| Taxes d'infrastructure - Logement | 650 000,00 |
| Subside - Remise en état du Home des Scouts à Mamer | 554 410,85 |
| Participation des riverains aux frais de raccordement à la canalisation des eaux usées | 550 000,00 |
| Remboursement de la TVA | 500 000,00 |
| Subside - Ecole de musique Kinneksbond Mamer | 500 000,00 |
| Subside - Aménagement d'un bâtiment de stockage avec parking à côté du cimetière à Holzem | 200 000,00 |
| Subside - Rénovation et mise en conformité de la salle des Fêtes à Holzem | 200 000,00 |

**Ausseruerdentlech Depensen** hu mir am Budget rectifié 2022 fir 56,59 Mio € virgesinn. Dat si 14,23 % méi Depensë wéi ursprénglech geplangt. Hei schloe virun allem zu Buch:

| | |
|---|---|
| Construction d'une piscine au Campus Kinneksbond à Mamer | 8 000 000,00 |
| Constructions d'un immeuble au coin rue du Millénaire/rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire) | 5 400 000,00 |
| Apport en capital au SIDERO | 5 250 871,22 |
| Construction d'une école de musique au Kinneksbond à Mamer | 3 900 000,00 |
| Réaménagement de la centrale de cogénération à Mamer | 3 500 000,00 |
| Construction d'une Maison Relais au Campus Kinneksbond | 3 000 000,00 |
| Réaménagement du Parc de Loisirs à Capellen | 2 500 000,00 |
| Remplacement canalisation dans la rue Gaaschtbierg à Mamer | 2 000 000,00 |
| Aménagement d'un bâtiment de stockage avec parking à côté du cimetière à Holzem | 2 000 000,00 |
| Rénovation et mise en conformité de la salle des Fêtes à Holzem | 1 800 000,00 |
| Apport en capital au SICA | 1 567 633,00 |
| Aménagement du coin rue du Kiem / route d'Arlon à Capellen | 1 500 000,00 |
| Remise en état de la façade de l'église à Mamer | 1 300 000,00 |
| Réaménagement de la Place de la Résistance à Holzem | 1 250 000,00 |
| Remise en état du Home des Scouts à Mamer | 1 200 000,00 |
| Transformation et agrandissement de la morgue au cimetière à Capellen | 1 085 000,00 |
| Transformation du Mamer Schlass | 1 075 000,00 |
| Remise en état du bâtiment "Wëllebau" à Mamer | 1 000 000,00 |
| Reconstruction Passage Inférieur PK9.384 (Mamer HSNF vers Dippach) - réseaux | 855 000,00 |
| Réfection du trottoir des maisons 75-119 route d'Arlon à Capellen (côté gauche) | 700 000,00 |
| Transformation du revêtement du terrain de football N°1 (terrain synthétique) | 650 000,00 |
| Aménagement d'une piste cyclable entre Mamer et Holzem | 600 000,00 |
| Approvisionnement en électricité du Parc Brill, de la Place de l'Indépendance et du Mamer Schlass | 600 000,00 |
| Réaménagement du cimetière à Mamer (site ancienne morgue / caveaux urnes / "Streewiss") | 600 000,00 |
| Acquisition de terrains et constructions non affectés | 600 000,00 |
| Aménagement d'une piste cyclable entre Holzem et Capellen (première phase jusqu'à la liaison PC 13) | 500 000,00 |
| Pacte Climat 2.0 | 500 000,00 |

| | |
|---|---|
| Installation d'un mur d'escalade au Parc Brill | 280 000,00 |
| Aménagement intérieur des couloirs du bâtiment Primaire N°2 pour les besoins de la Maison Relais | 200 000,00 |
| Travaux extraordinaires de mise en état de la voirie rurale | 200 000,00 |
| Installation d'un mur d'escalade dans le Parc de loisirs à Capellen | 180 000,00 |
| Remise en état de la toiture et de la façade de l'église et du presbytère à Capellen | 150 000,00 |

De Budget rectifié vum Joer 2022 schléisst mat engem Mali présumé vun **4.856.339,55 €** of. Gemengebudgetstechnesch ass dat méiglech. Wichteg ass datt de Budget initial am Equiliber ass.

## Budget intial 2023

D'Eckdate vum Budget 2023 fannt Dir am nofolgenden Tableau:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 52 142 690,00 € | 56 283 725,00 € |
| Total des dépenses | 41 859 819,10 € | 60 611 292,70 € |
| Boni propre à l'exercice | 10 282 870,90 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 4 327 567,70 € |
| Boni présumé à la fin 2022 | - € | |
| Mali présumé à la fin 2022 | | 4 856 339,55 € |
| Boni général | 10 282 870,90 € | |
| Mali général | | 9 183 907,25 € |
| **TRANSFERT** | - | + |
| de l'ordinaire à l'extraordinaire | 9 183 907,25 € | 9 183 907,25 € |
| Boni définitif | 1 098 963,65 € | |
| Mali définitif | | - € |

Déi uerdentlech Recettë belafe sech op ronn 52,14 Mio €. Si leie 5,34 % méi héich, wéi am Budget rectifié 2022.

***Variations entre le budget rectifié 2022 et le budget initial 2023***

| Budget ordinaire | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | **Rectifié 2022** | **Initial 2023** | **Variation en €** | **Variation en %** |
| Recettes | 49 499 506,73 € | 52 142 690,00 € | 2 643 183,27 € | 5,34% |
| Dépenses | 38 563 442,47 € | 41 859 819,10 € | 3 296 376,63 € | 8,55% |
| Résultat | 10 936 064,26 € | 10 282 870,90 € | - 653 193,36 € | -5,97% |
| | | | | |
| **Budget extraordinaire** | | | | |
| | **Rectifié 2022** | **Initial 2023** | **Variation en €** | **Variation en %** |
| Recettes | 35 895 813,85 € | 56 283 725,00 € | 20 387 911,15 € | 56,80% |
| Dépenses | 56 591 529,22 € | 60 611 292,70 € | 4 019 763,48 € | 7,10% |
| Résultat | - 20 695 715,37 € | - 4 327 567,70 € | 16 368 147,67 € | 79,09% |
| | | | | |
| **Budget global** | | | | |
| | **Rectifié 2022** | **Initial 2023** | **Variation en €** | **Variation en %** |
| Recettes | 85 395 320,58 € | 108 426 415,00 € | 23 031 094,42 € | 26,97% |
| Dépenses | 95 154 971,69 € | 102 471 111,80 € | 7 316 140,11 € | 7,69% |
| Résultat | - 9 759 651,11 € | 5 955 303,20 € | 15 714 954,31 € | 161,02% |

Hei drënner fannt Dir dann och nach en Tableau, deen am Detail pro Funktioun d'Variatioune bei de Recettes ordinaires ausweist:

| Recettes ordinaires par fonction | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Chapitre** | **Libellé** | **Initial 2022** | **Rectifié 2022** | **Initial 2023** | **Variation rectifié 2022 / initial 2023** |
| 0 | Codes techniques | - € | 328 872,26 € | - € | 0,00% |
| 1 | Services généraux des administrations publiques | 38 691 750,00 € | 40 404 906,78 € | 42 869 750,00 € | 6,10% |
| 2 | Protection sociale | 605 000,00 € | 700 575,89 € | 702 000,00 € | 0,20% |
| 3 | Ordre et sécurité publics | - € | - € | - € | 0% |
| 4 | Affaires économiques | 208 000,00 € | 198 076,50 € | 221 750,00 € | 11,95% |
| 5 | Protection de l'environnement | 4 310 000,00 € | 4 105 000,00 € | 4 345 000,00 € | 5,85% |
| 6 | Logements et équipements collectifs | 2 460 500,00 € | 2 180 300,00 € | 2 316 140,00 € | 6,23% |
| 7 | Santé | 344 120,00 € | 343 000,00 € | 351 000,00 € | 2,33% |
| 8 | Loisirs, culture et culte | 1 214 850,00 € | 1 114 950,00 € | 1 209 350,00 € | 8,47% |
| 9 | Enseignement | 85 750,00 € | 123 825,30 € | 127 700,00 € | 3,13% |
| | Total | 47 919 970,00 € | 49 499 506,73 € | 52 142 690,00 € | 5,34% |

Fir 2023 hu mir 4,05 Mio € Einnamen u Gewerbesteier an 35,01 Mio € Recettë beim FDGC virgesinn. Dat sinn zesumme 74,92 % vun den uerdentlechen Einname vun der Gemeng Mamer.

Déi uerdentlech Depensë belafen sech op ronn 41,85 Mio €. Am Verglach zum Budget rectifié vum Joer 2022 leien dës ëm 8,55 % méi héich.

D'Depensë klammen. Verschidden Ausgabe kritt Gemeng virgeschriwwen. Ech denken do zum Beispill un d'Contributioun un de CGDIS, déi ëm 37,7% klëmmt par rapport zum Kont 2021. Dat bedeit e Plus vu 94.840 €

fir 2022 an e Plus vu 56.000 € fir 2023. Participatioun fir 2023 un de CGDIS beleeft sech deemno op ronn 551.029 €.
Och bei de Syndikater ginn d'Depensen erop. Ech verweisen hei op den Tableau hei drënner:

| | Budget ordinaire | | | Budget extraordinaire | |
|---|---|---|---|---|---|
| | Budget rectifié 2022 | Budget initial 2023 | Variation | Budget rectifié 2022 | Budget initial 2023 |
| **SYVICOL** | 20 436,00 € | 23 040,60 € | 2 604,60 € | | |
| **ZARO** | - € | - € | - € | - € | - € |
| **SIGI** | 351 271,79 € | 353 423,80 € | 2 152,01 € | | |
| **SES** | 1 400 000,00 € | 1 425 000,00 € | 25 000,00 € | | |
| **SICA** | 1 618 000,00 € | 1 687 000,00 € | 69 000,00 € | 1 567 633,00 € | 512 589,02 € |
| **SICEC** | 900,00 € | 1 000,00 € | 100,00 € | | 83 028,68 € |
| **SICONA** | 254 608,00 € | 347 964,00 € | 93 356,00 € | | |
| **SIDERO** | 2 077 518,97 € | 2 365 000,00 € | 287 481,03 € | 5 250 871,22 € | 96 900,00 € |
| **SIDOR** | 10 000,00 € | 10 000,00 € | - € | | |
| **OSC MAMER** | 358 935,09 € | 187 442,82 € | - 171 492,27 € | 1 525,00 € | 1 275,00 € |
| **Total:** | **6 091 669,85 €** | **6 399 871,22 €** | **308 201,37 €** | **6 820 029,22 €** | **693 792,70 €** |
| **Part. par rapport aux dépenses** | 15,80% | 15,29% | | 12,05% | 1,14% |

D'Personalkäschten hu natierlech och en Impakt op d'Variatioun. Méi Leit fir en besseren Service ze garantéieren bedeit och méi Käschten. Dat ass en Fakt. An doduerch klammen d'Personalkäschten par rapport zum Budget rectifié 2022 ëm 0,73 Mio €. Och den Index an d'Hausse vun verschidden Matières premières hunn en Impakt op de Budget.

Mir investéiere vill an ons Zukunft, mat Zukunft viséieren ech hei d'Kanner an déi jonk Leit, déi an onser Gemeng wunnen. Ronn 10 % vun den Ausgabe stinn am Budget an der Rubricke Enseignement a 4,5 % an de Rubriken fir den Encadrement périscolaire, dat heescht d'Maison Relais an d'Jugendhaus. Dëst bedeit awer och, datt ons Kanner d'Chance hunn an de beschtméiglechste Konditiounen kennen an Schoul ze goen a vun all den neisten Technologie kënnen ze profitéieren. Dernieft ass et ons och wichteg, datt d'Kanner kennen a flott Kolonie goen an soumadder Erënnerungen an Erfarunge fir d'Liewe maachen.

Wa mir dat elo an € pro Kand géifen ausdrécke géif dat bedeiten, datt mir als Gemeng, bei aktuell 841 Schüler, am Budget 2023 4.861 € pro Kand dra stoen hunn. Bei der Maison Relais kommen dann nach 1.897 € derbäi.

Jonk Leit déi hiert Joer am Lycée respektiv op der Universitéit packen, kréien eng Primm vun der Gemeng. Dës leit tëschent 100 € an 200 € an schléit mat 120.000 € am Budget zu Buch.

Hei drënner fannt Dir en Tableau, deen am Detail pro Funktioun d'Variatioune bei den uerdentlechen Depensen ausweist:

| Dépenses ordinaires par fonction | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **Chapitre** | **Libellé** | **Initial 2022** | **Rectifié 2022** | **Initial 2023** | **Variation rectifié 2022 / initial 2023** |
| 0 | Codes techniques | - € | - € | - € | |
| 1 | Services généraux des administrations publiques | 11 770 877,78 € | 12 129 453,41 € | 14 955 323,28 € | 23,30% |
| 2 | Protection sociale | 2 594 598,50 € | 3 018 201,09 € | 2 709 997,32 € | -10,21% |
| 3 | Ordre et sécurité publics | 911 450,00 € | 921 892,00 € | 1 051 569,00 € | 14,07% |
| 4 | Affaires économiques | 1 197 440,00 € | 1 127 450,00 € | 1 187 410,00 € | 5,32% |
| 5 | Protection de l'environnement | 4 532 261,57 € | 4 552 014,47 € | 5 005 534,00 € | 9,96% |
| 6 | Logements et équipements collectifs | 5 385 084,50 € | 6 064 662,50 € | 5 930 889,00 € | -2,21% |
| 7 | Santé | 38 000,00 € | 33 000,00 € | 58 000,00 € | 75,76% |
| 8 | Loisirs, culture et culte | 6 443 537,00 € | 6 650 566,00 € | 6 872 669,00 € | 3,34% |
| 9 | Enseignement | 4 093 852,50 € | 4 066 203,00 € | 4 088 427,50 € | 0,55% |
| | Total | 36 967 101,85 € | 38 563 442,47 € | 41 859 819,10 € | 8,55% |

An der Rubrik „Services généraux des administrations publiques" belafe sech d'Depensen op viraussiichtlech 14,95 Mio € fir d'Joer 2023. Dës Rubrik begräift déi administrativ an technesch Verwaltung, de Schäffen- a Gemengerot an d'Kommissiounen, esouwéi d'Finanzkäschten, also och de Remboursement vun den Emprunten.

D'Rubrik „Protection sociale" schléit mat 2,70 Mio € zu Buch. Si begräift den 3. Alter, d'Iessen op Rieder, de Service „Téléalarme", d'Maison Relais an d'Jugendhaus, d'Maison citoyenne an den Office social.

D'Rubrik „Ordre et sécurité publics" begräift eis Agents municipauxen an de Garde-champêtre, esouwéi d'Contributioun un de CGDIS. D'Gesamtausgabe belafen sech hei op 1,05 Mio €. Dovunner, wei virdrun ernimmt, 551.029 € als Contributioun un de CGDIS.

D'Rubrik „Affaires économiques" begräift eis Feldweeër, d'Exploitatioun vun eise Bëscher, den Tourismus, den Entretien vun de Busarrêten, Late-Night-Bussen an de Ruffbus, d'Gemeinschaftsantenne an Subside fir de vel'OH!. Den Total vun der Rubrik beleeft sech op 1,18 Mio €.

An der Rubrik „Protection de l'environnement" fanne mir eis Offallgestioun an d'Ofwaasser, den Naturschutz duerch de SICONA. Dat Ganzt kascht 5 Mio € fir d'Joer 2023.

D'Rubrik „Logements et équipements collectifs" begräift den Entretien vun eisen ëffentleche Plazen a Gréngflächen, den Ënnerhalt vun de Verkéiersschëlter, der Beliichtung, de Stroossen, de gemengeneegene Gebaier an d'Kierfechter. Dorënner fält awer och ons Regie communale inklusiv Gefierer an Entretien. Och d'Waasserversuergung fält ënnert dës Rubrik. Dëst alles schléit mat 5,9 Mio € zu Buch.

D'Rubrik „Santé" beinhalt Entretienskäschte vun eisem CIPA. 58.000,00 € sinn hei virgesinn.

D'Rubrik „Loisirs, culture et culte" begräift den Entretien an de Fonctionnement vun eise Sportsterrainen a Sportshalen, eis Centres culturels, de Scouts Homen an d'Käschte fir d'Museksschoul. Donieft falen och nach d'Subside fir eis Sports- a Kulturveräiner hei drënner, souwéi d'Käschte vun den offizielle Feieren a Manifestatioune vun der Gemeng. Fir all des Aktivitéiten hu mir fir 2023 Ausgaben an Héicht vu 6,87 Mio €.

An der Rubrik «Enseignement» sti 4,08 Mio € Depensen. Dëst sinn d'Ausgabe fir de Schoultransport an Entretiens- a Fonctionnementskäschten vun de Gebaier a pedagogescht Material fir déi verschidde Klassen, Schoulausflich etc.

Dobäi gëllt och weiderhi fir 2023, sou wei fir déi Joere virdrun, datt de Schäfferot d'Geld esou effizient wéi méiglech asetze muss.

*Recettes extraordinaires*

Déi ausseruerdentlech Einnamen, wouzou och den neien Emprunt vu 40 Mio € gehéiert, gi fir d'Joer 2023 op 56,28 Mio € ageschat.

Folgend Recettes extraordinaires siefen ervirgestrach:

| | |
|---|---|
| Emprunts auprès des établissements de crédit | 40 000 000,00 |
| Subside - Constructions d'un immeuble au coin rue du Millénaire/rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire) | 6 000 000,00 |
| Subside - Construction d'une piscine au Campus Kinneksbond à Mamer | 2 500 000,00 |
| Subside - Extension de l'école de musique Kinneksbond Mamer | 2 000 000,00 |
| Subside - Construction d'une Maison Relais au Campus Kinneksbond | 1 134 250,00 |
| Subside - Réaménagement de la centrale de cogénération à Mamer | 1 100 000,00 |
| PAP - Indemnités compensatoires à payer par le lotisseur en application de l'article 34 de la loi modifiée du 19/07/2004 | 850 000,00 |
| Taxes d'infrastructure - Logement | 700 000,00 |
| Participation des riverains aux frais de raccordement à la canalisation des eaux usées | 575 000,00 |
| Remboursement de la TVA - CE | 500 000,00 |
| Subvention de l'Etat dans le cadre du Pacte Logement | 255 375,00 |

*Dépenses extraordinaires*

Ausseruerdentlech Depensë sinn am Joer 2023 am Total fir 60,61 Mio € virgesinn. Dësen Investitiounsvolumen ass ënner anerem fir folgend Projete virgesinn:

| | |
|---|---|
| Constructions d'un immeuble au coin rue du Millénaire/rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire) | 10 000 000,00 |
| Construction d'une piscine au Campus Kinneksbond à Mamer | 8 000 000,00 |
| Construction d'une école de musique au Kinneksbond à Mamer | 7 000 000,00 |
| Réaménagement de la centrale de cogénération à Mamer | 6 000 000,00 |
| Construction d'une Maison Relais au Campus Kinneksbond | 4 000 000,00 |
| Rénovation et mise en conformité de la salle des Fêtes à Holzem | 2 500 000,00 |
| Aménagement d'un bâtiment de stockage avec parking à côté du cimetière à Holzem | 2 000 000,00 |
| Remise en état du bâtiment "Wëllebau" à Mamer | 2 000 000,00 |
| Réfection du trottoir des maisons 75-119 route d'Arlon à Capellen (côté gauche) | 1 800 000,00 |
| Réaménagement de la Place de la Résistance à Holzem | 1 500 000,00 |
| Installation d'un réseau vel'OH! | 1 050 000,00 |
| Aménagement d'une piste cyclable entre Mamer et Holzem | 750 000,00 |
| Aménagement d'une piste cyclable entre Holzem et Capellen (première phase jusqu'à la liaison PC 13) | 750 000,00 |
| Transformation et agrandissement de la morgue au cimetière à Capellen | 750 000,00 |
| Remise en état de la toiture et de la façade de l'église et du presbytère à Capellen | 750 000,00 |
| Remise en état de la façade de l'église à Mamer | 750 000,00 |

| | |
|---|---|
| CIPA II – Participation aux frais d'infrastructures et de parking | 700 000,00 |
| Approvisionnement en électricité du Parc Brill, de la Place de l'Indépendance et du Mamer Schlass | 600 000,00 |
| Réaménagement du Parc de Loisirs à Capellen | 585 000,00 |
| Apport en capital au SICA | 512 589,02 |
| Aménagement intérieur des couloirs du bâtiment Primaire N°2 pour les besoins de la Maison Relais | 500 000,00 |
| Installation de panneaux photovoltaïques au Kinneksbond | 500 000,00 |
| Aménagement du coin rue du Kiem / route d'Arlon à Capellen | 500 000,00 |
| Remplacement canalisation dans la rue Gaaschtbierg à Mamer | 416 500,00 |
| Etude pour la construction d'une nouvelle école avec Maison Relais à Capellen | 375 000,00 |
| Pacte Climat 2.0 | 350 000,00 |
| Acquisition et remplacement des jeux sur les aires de jeux | 320 000,00 |
| Acquisition d'un camion équipé d'un bras de levage multibennes et d'une grue de manutention (remplacement du camion datant de 2005) | 315 000,00 |
| Changement des compteurs d'eau mécaniques par des compteurs d'eau à ultrasons | 300 000,00 |
| Remplacement de l'éclairage public par des LED | 300 000,00 |
| Redressement de la rue Henri Kirpach à Mamer | 270 000,00 |
| Remise en état du Home des Scouts à Mamer | 270 000,00 |
| Travaux extraordinaires de mise en état de la voirie rurale | 250 000,00 |
| Transformation du Mamer Schlass | 220 000,00 |
| Réaménagement du cimetière à Mamer (site ancienne morgue / caveaux urnes / "Streewiss") | 200 000,00 |
| Modernisation de l'éclairage intérieur du Hall sportif Nic Frantz à Mamer | 200 000,00 |

Ofschléisse mécht de Budget 2023 mat engem viraussiichtleche *Boni définitif* vu **1.098.963,65 €.**

## Budget vun der Solidaritéit

Ons Sozialservicer ginn duerch den Office social commun assuréiert. Dësen ass an Zukunft a Bürosflächen am Parc d'activités op der Cap. Fir den Déménagement ze finanzéieren hu mir 200.000 € am Budget rectifié virgesinn. Eis uerdentlech Contributioun ass deemno fir 2022 358.935,09 € an 187.442,82 € fir 2023.

Den 19/04/2022 hu mir am Gemengerot d'Allocation de vie chère vun 20 op 25 % vum Montant vun der Allocatioun, déi de Fonds national de Solidarité de Leit iwwerweist, eropgesat. Des Weidere gi mir en Zouschoss fir d'Prime d'énergie. Generell gouf de Plaffong vun 750 € op 1.000 € geheicht.

Duerch Gesetzer si mir gezwongen eis Taxen a Tariffer op Basis vun de Gestehungskäschten ze fixéieren. Ewéi am Ufank vun der Presentatioun ugekënnegt, verzicht den Schäfferot op Taxerhéijunge fir 2023.

Datt de Schäffen- a Gemengerot schnell ka reagéieren hu mir am Mäerz dëst Joer leider misste beweisen andeems mir déi néideg finanziell Moyen fräigeschalt hunn fir kenne Léit déi hiert Doheem an der Ukrain hu misste verloossen am Motel op der Cap ënnerzebréngen. Dëst wor just duerch kollektiivt Zesummenhale vum Gemengerot a vun onser Verwaltung méiglech.

## Conclusioun

Als Schäffen- a Gemengerot wäerte mir dofir suergen, datt eis Bierger och a méi schwieregen Zäite weiderhin an enger moderner a leeschtungsstaarker Gemeng wunnen, wou all Bierger zielt. Ech sinn houfreg kennen ze

behaapten, datt et net vill Gemengen hei am Land ginn déi di selwecht Infrastrukturen a Servicer hire Bierger kennen ubidden. Gemeng Mamer bléift dowéinst fir ganz vill Leit attraktiv.

Dëst erfuerdert eng permanent an opmierksam Kontroll vun eisen uerdentlechen Ausgaben, donieft d'Notze vun alle Méiglechkeeten, déi et ginn, eis Einnamen z'optimiséieren ouni d'Bierger zousätzlech finanziell ze belaaschten.

Duerch de Wuesstem vun eiser Populatioun kënne mir och weiderhin, dank ënnert anerem dem FDGC, am Verhältnis zu anere Gemengen op gréisser Einname vu Säite vum Staat rechnen. Déi rezent Previsiounen, déi vu Säite vum Ministère de l'Intérieur gemeet goufen, beweisen, datt d'Gemenge weiderhi kennen op stabel Recetten zielen.

Ofschléisse wëllt ech andeems ech de Leit aus dem Gemengesekretariat, de Mataarbechter aus dem Finanzservice an dem Service technique an all deenen anere Servicer Merci soe fir hir kompetent Mataarbecht, déi si bei der Opstellung vum Budget geleescht hunn an dee sécherlech vill Asaz mat sech bruecht huet. Ech soen awer och gären ob dëser Platz, all de Servicer, Merci fir all déi Aarbecht déi si am Laf vun dësem Joer geleescht hunn.

Ech sinn der Meenung, datt mir als Schäfferot all Gemengeconseiller transparent an informativ Dokumenter virgeluecht hunn, déi eng objektiv a fundéiert Diskussioun vun dem Budget erméiglechе missten. D'Diskussioun an de Vott si fir den 09. Dezember 2022 virgesinn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 2.** | **Office social commun à Mamer : Approbation du budget rectifié 2022 et du buget initial 2023** | **n.c. : 295** |

Le conseil communal,

Après avoir délibéré conformément à la loi,

(1)
à **l'unanimité** approuve le budget rectifié de l'exercice 2022 de l'Office Social Commun à Mamer ;

(2)
à **l'unanimité** approuve le budget initial de l'exercice 2023 de l'Office Social Commun à Mamer.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 3. a)** | **Groupe d'action locale Leader Zentrum Westen : approbation de la convention relative à la constitution du groupe d'action locale LEADER Zentrum Westen** | **n.c. : 296** |

Le conseil communal,

Après en avoir délibéré conformément à la loi,

**unanimement**

approuve la convention du 10/11/2022 relative à la constitution du Groupe d'Action Locale LEADER Zentrum Westen.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 3. b)** | **Groupe d'action locale Leader Zentrum Westen : nomination d'un délégué principal au groupe d'action locale LEADER Zentrum Westen** | **n.c. : 297** |

Monsieur Ed BUCHETTE, conseiller communal, domicilié à XX, ayant obtenu 10 voix alors que 3 conseillers se sont abstenus, est nommé délégué principal au sein du comité directeur du Groupe d'Action Local LEADER Zentrum Westen.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 3. c)** | **Groupe d'action locale Leader Zentrum Westen : nomination d'un délégué suppléant au groupe d'action locale LEADER Zentrum Westen** | **n.c. : 298** |

Monsieur Roger NEGRI, échevin, domicilié à XX, ayant obtenu 10 voix alors que 3 conseillers se sont abstenus, est nommé délégué suppléant au sein du comité directeur du Groupe d'Action Local LEADER Zentrum Westen.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 4. a)** | **Approbation d'un acte notarié relatif à la constitution de servitude portant sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section C de Holzem, sous le numéro 1071/4334, au lieu-dit « Route de Capellen »** | **n.c. : 299** |

Le conseil communal,

Après en avoir délibéré conformément à la loi

**unanimement**

approuve l'acte de constitution de servitude n° 5826 du 10/11/2021 dressé par-devant Maître Jacques CASTEL, notaire de résidence à Capellen, aux termes duquel l'administration communale de Mamer accorde à CREOS Luxembourg s.a. le droit d'accès aux équipements et installations électriques à installer sur la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section C de Holzem sous le n°1071/4334 au lieu-dit « Route de Capellen ».

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 4. b)** | **Approbation de la convention concernant l'intervention temporaire de chargés de cours de l'enseignement musical dans le cadre de projets pédagogiques entre l'enseignement fondamental et l'enseignement musical communal** | **n.c. : 300** |

Le conseil communal,

Après avoir délibéré conformément à la loi,

**unanimement**

approuve la convention concernant l'intervention temporaire de chargés de cours de l'enseignement musical dans le cadre de projets pédagogiques entre l'enseignement fondamental et l'enseignement musical communal conclue le 15/09/2022 entre le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, la fondation École de musique de l'UGDA et le collège échevinal.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 4. c)** | **Approbation d'un avenant à la convention signée Pacte Logement 2.0.** | **n.c. : 301** |

Le conseil communal,

Après en avoir délibéré conformément à la loi

**unanimement**

approuve l'avenant à la convention initiale du Pacte logement 2.0. signé le 14/11/2022 entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et le collègue échevinal.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 5. a)** | **Subsides extraordinaires : 50,00 € à diverses associations à titre de participation financière pour l'année 2022** | **n.c. : 302** |

Le conseil communal,

Après en avoir délibéré conformément à la loi,

**unanimement**

décide d'allouer les subsides ci-après pour l'année 2022 :

| | | |
|---|---|---|
| CLAE asbl | 26, rue de Gasperich | L-1617 Luxembourg |
| Frënn vum Pompjeeësmusée an der Géitz | 2, rue Geetz | L-9558 Wiltz |
| FleegeElteren Lëtzebuerg | 1, Rullewee | L-9365 Eppeldorf |
| Landjugend Furen a.s.b.l. c/o Zenners Lisa | 1, am Klousterfels | L-9457 Landscheid |
| Mitica Association d'aide à l'enfance | BP 3063 | L-1030 Luxembourg |
| La Main tendue a.s.b.l. Angela | 8, rue de l'Eglise | L-4732 Pétange |
| ProVelo.lu a.s.b.l. | 6, rue Vauban | L-2663 Luxembourg |
| Union des sociétés avicoles du Grand-Duché de Luxembourg | 51, rue Méckenheck | L-3321 Berchem |
| Ambulanz Wonsch a.s.b.l. | 31, rue Principale | L-8805 Rambrouch |
| Tukwataniise a.s.b.l. | 30, rue de Hassel | L-5899 Syren |
| Wonschkutsch | 5, rue de la Gare | L-7448 Lintgen |
| natur&ëmwelt - Centre de soins pour la faune sauvage a.s.b.l. | 49, rue de la Forêt | L-3471 Dudelange |
| SOS Détresse | BP 620 | L-2016 Luxembourg |
| Asha4Children | 14, rue Dangé St. Romain | L-8260 Mamer |
| FëBLux a.s.b.l. c/o Reding Jean-Marie | 83, rte de Luxembourg | L-3515 Dudelange |
| ALGSC a.s.b.l. | 1b, rue Thomas Edison | L-1445 Strassen |
| Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché | 307a, rue Woiwer | L-4687 Differdange |
| Amicale du groupe cynotechnique a.s.b.l. | BP25 | L-3801 Schifflange |
| Treffpunkt ADHS a.s.b.l. | BP62 | L-8001 Strassen |
| Action Avenir Haïti a.s.b.l. | 41a Montée Willy Georgen | L-7322 Steinsel |
| MemoShoah Luxembourg a.s.b.l. | BP 2576 | L-1025 Luxembourg |
| Alan-Maladies rares Luxembourg | 10, rue du Château | L-4976 Bettange-sur-Mess |
| Fondation Alzheimer Luxembourg | 13, rue de l'Innovation | L-1896 Kockelscheuer |
| Association Parkinson Luxembourg | 16, rue des Champs | L-3348 Leudelange |
| Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 47, rue de Luxembourg | L-7540 Rollingen |
| Association pour mal-voyant et aveugles AMVA | 7, un der Atert | L-8512 Redange/Attert |
| Fondation Lêtzebuerger Kannerduerf | 10, rue Hermann Gmeiner | L-7534 Mersch |
| Blëtz asbl | 68, Rue du Château | L-3217 Bettembourg |
| Croix-rouge luxembourgeoise | B.P.404 | L-2014 Luxembourg |
| El Salvador- Luxembourg | 30, rue J.-P. Beckius | L-6671 Mertert |
| Fondation Cancer | 209, route d'Arlon | L-1150 Luxembourg |
| Fondation A.P.E.M.H. | 10, rue du Château | L-4976 Bettange-sur-Mess |
| Fondation Lëtzebuerger Guiden a Scouten am Déngscht vun de Jonken | 5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Luxembourg |

| | | |
|---|---|---|
| Fondation Kriibskrank Kanner | 168, rue des Romains | L-8041 Strassen |
| Fondation Autisme Luxembourg | 31, Duerefstrooss | L-9766 Munshausen |
| Le Soleil dans la Main - ONG | 48, Duerfstrooss | L-9696 Winseler |
| Fir d'Kanner a Latäinamerika | 12, bvd J.F. Kennedy | L-4901 Bascharage |
| Action pour un Monde Uni a.s.b.l. | 11, Kiirchestroos | L-5741 Filsdorf |
| PADEM - ONG | 1, rue Auguste Liesch | L-3474 Dudelange |
| Action Solidarité Tiers Monde a.s.b.l. | 136 - 138, rue Adolphe Fischer | L-1521 Luxembourg |
| ONGD-FNEL scouts& guides pour le développement communautaire asbl | 61 a, rue de Trèves | L-2630 Luxembourg |
| Dignity - soutien aux femmes et aux familles démunies en Inde | 20, rue Neil Amstrong | L-1137 Howald |
| Care in Luxembourg asbl | 37, rue Glesener | L-1631 Luxembourg |
| SOS Villages d'Enfants Monde Luxembourg a.s.b.l. | 3, rue du Fort Bourbon | L-1249 Luxembourg |
| Handicap International | 140, rue Adolphe Fischer | L-1521 Luxembourg |
| Amnesty International Luxembourg | B.P. 1914 | L-1019 Luxembourg |
| Médecins du Monde | 5, rue d'Audun | L-4018 Esch-sur-Alzette |
| Fondation Chrëschte mam Sahel | 29, bvd Dr Charles Marx | L-2130 Luxembourg |
| Pharmaciens sans frontières ONG | 2, rue Louis XIV | L-1948 Luxembourg |
| UNICEF | 6, rue Adolphe Fischer | L-1520 Luxembourg |

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 5. b)** | **Subsides extraordinaires : 1.250,00 € à l'a.s.b.l. Ligue HMC à titre de participation communale aux frais d'organisation du 60ème anniversaire** | **n.c. : 303** |

Le conseil communal,

Après en avoir délibéré conformément à la loi,

**unanimement**

décide d'allouer à l'a.s.b.l. LIGUE HMC un subside extraordinaire de 1 250,00 € pour la célébration de leur 60$^{ième}$ anniversaire.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 5. c)** | **Subsides extraordinaires : 10.900,00 € à l'a.s.b.l. Mameranus à titre de participation aux frais de la réalisation d'un projet d'art de la crèche Huesestuff** | **n.c. : 304** |

Le conseil communal,

Après en avoir délibéré conformément à la loi,

**unanimement**

décide d'allouer un subside extraordinaire de 10.900,00 € à l'a.s.b.l. Mameranus à titre de participation aux frais de la réalisation d'un projet d'art initié par la crèche Huesestuff à Holzem.

| | | |
|---|---|---|
| **Point de l'ordre du jour : 6.** | **Informations, divers et questions émanant des conseillers communaux** | **n.c. : 305** |

Le conseil communal,

entend les communications d'usage de Monsieur le bourgmestre et des échevins ainsi que les questions émanant des conseillers communaux.

| **Point de l'ordre du jour : 7.** | **Affaires de personnel : Prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire communal** | **n.c. : 306** |
|---|---|---|

Le conseil communal,

Après en avoir délibéré conformément à la loi,

**unanimement**

décide de prolonger pour une durée de 12 mois le service provisoire de XX, fonctionnaire dans la catégorie de traitement A, groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique, jusqu'au 30/11/2023 en application de l'article 4, point 3, de la loi modifiée du 24/12/1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux.